1-2021-O-R-7048-01 (n° 3825)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Jeff Engelen

Tratten, den 31. Mäerz 2022

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt mat Bedauere fest,

- datt am Ukrain-Krich esouwuel Combattante wéi och Zivilisten zu Schued kommen, déi zum Deel schwéier an dacks och liewensgeféierlech verwonnt ginn,
- datt an der Ukrain selwer eng adequat medezinesch Versuergung vun de betraffene Persounen net méi iwwerall ka garantéiert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- géintiwwer de Konfliktparteie fir humanitär Korridoren anzetrieden;
- Hëllefsorganisatioune wéi den Internationale Kommitee vum Roude Kräiz ze ënnerstëtzen;
- sech un internationalen Efforten ze bedeelegen déi als Zil hunn schwéier verwonnte Leit aus der Ukrain an d'Europäesch Unioun ze bréngen fir si do medezinesch ze versuergen;
- och d'Méiglechkeet ze préiwe fir esou Leit, falls si sollte kënnen op Lëtzebuerg transportéiert ginn, hei am Land medezinesch ze behandelen.

Jeff Engelen

Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**